



Zweetens fanne mer, datt déi aktuell Dispositione vun 2004 vun der Verfassung gutt sinn. A mer deelen och déi strikt Interpretatioun vun der Cour Constitutionnelle a mengen, datt se e wichtegt Element am legislative Prozess ass.

An drëttens, an do komme mer net derlaanscht: D'Regierung kritt mat dëser Verfassungsännerung erweidert Pouvoiren. An et ass eng Erweiderung um Handlungsspillraum vun der Regierung an domadder indirekt natierlech och eng au détriment vum Parlament, dat bis elo awer d'Aufgab ëmmer hat, do ze intervenéieren.

A véiertens menge mer, datt d'Prezisioun vu Gesetzter eppes ass, wat besonnesch am demokratesche Prozess wichteg ass fir d'politesch Opposition; net nëmme fir déi aktuell, mä och fir déi zukünfteg.

An anere Wieder: Dës Verfassungsännerung leeft op eng - an eisen Aen - Selbstbeschneidung vum Handlungsspillraum vum Parlament eraus, déi esou vun eis net gedroe gëtt.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. Ech hu kee Riedner méi ageschriwwen. Da géif ech elo dem Här Statsminister a Premierminister Xavier Bettel d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll der Chamber hei Merci soen. Ech wëll der Chamber Merci soe fir d'Aarbecht, déi se gemaach huet, an och fir dee verantwortleche Schratt, dee fir méi Rechtssécherheet och an déi richteg Richtung geet an och e méi züegen Offla am Fong vum legislative Prozess mat sech bréngt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et ass hei vun deene meeschte Riedner gesot ginn, an ech wëll wierklech nach eng kéier widderhuelen: Hei gëtt net en Aschnëtt an d'Kompetenze vum éischte Pouvoir gemaach; dat ass ganz kloer. D'Regele gi fixéiert vum éischte Pouvoir. An hei ass net eng Demande vun engem Exekutiv, fir méi Pouvoiren ze kréien oder wëllen an de Pouvoir vum éischte Pouvoir anzeschneiden, also Aschnëtter ze froen oder méi Pouvoir ze kréien.

Et ass néideg, Här President, déi doten Ännerung ze kréien am Intérêt vun de Bierger vun onsem Land, a fir dass mer weiderkommen. Mir hunn duerch déi Disposition am Moment en immense Problem, well mer Opposition-formellë kréien, well mer ebe constitutionnellement gesot kréien, dass mer net richteg wieren. An dofir e ganz, ganz grouse Merci, wann hei eng grouss Majoritéit an dëser Chamber deen doten Text stëmmt.

Nach eng kéier: Mir wëllen net méi Pouvoir, mä mir wëllen en effikasse Pouvoir am Intérêt vun onsem Land a vun onse Bierger.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Premierminister.

A mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Dir wësst, dass et eng Zweedréttelmajoritéit ass, déi gefuerdert ass, a Procuratioune sinn net erlaabt. Also keng Votes par procuration, just eege Stëmmen.

(Interruption)

Oh! Wat ass geschitt?

Neen, dat ass... De Vott ass nach net lancéiert.

(Interruption)

► **Plusieurs voix**.- Aah! Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah!

► **Une voix**.- Gesitt Der, wat sinn déi Frae schnell!

(Interruption et hilarité)

► **Une voix**.- Sou! Elo huele mer awer kee méi mat, Här President!

Vote sur la proposition de révision de la Constitution 6894

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sou! Ech géif mengen, dass et elo un der Zäit wär, fir de Vott ze lancéieren. Also just déi perséinlech Stëmmen. An de Compteur bleift bei 54 stoen. Da ginn ech dervun aus, dass mer 54 Leit am Sall hunn. An de Vott ass elo ofgeschloss.

An d'Proposition de révision de la Constitution 6894 ass mat 52 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen akzeptéiert.

Ont voté oui: *Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;*

MM. Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: *MM. Marc Baum et David Wagner.*

Et ass, nach eng kéier, den éischte Vote constitutionnel. Also, wonnert lech net, wann ech hei net froen, ob mer eng Dispens kréien. Dat dierf ech hei net.

► **Une voix**.- Mir wonneren eis net.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! Villmools Merci. Mir géifen...

(Interruption et hilarité)

Wat hat Der gesot, Madamm?

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (*LSAP*).- Ech soen näischt.

► **Une autre voix**.- Frot léiwer net!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, ech géif mech kleng halen, wann ech als bal Leschten erakomm wär.

(Hilarité et interruption)

Ah! Neen, ech gleewen lech dat.

Sou! Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6868. Et geet ëm d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Publikatioun vun net finanziellen Informatiounen. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, de Franz Fayot, deen elo och d'Wuert huet.

5. 6868 - Projet de loi concernant la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes et portant modification de diverses dispositions relatives à la comptabilité et aux comptes annuels des entreprises ainsi qu'aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés et

- portant transposition de la directive 2014/95/UE du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 modifiant la directive 2013/34/UE en ce qui concerne la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes;

- portant modification:

- du titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

- de la section XVI de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

- de la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:

*** aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois**

*** aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger**

Rapport de la Commission juridique

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mat deem heiten Text setze mer haut eng europäesch Direktiv ëm, déi grouse Firma vir-

schreift, méi Informatiounen iwwer hir Aktivitéiten ze publizéieren. An Zukunft mussen déi betreffen Entreprises zousätzlech zu hiren Kontabilitéit och iwwert d'Risiken an d'Konsequenze vun hiren Aktivitéiten fir d'Ëmwelt, bei soziale Personalfroe souwéi och an de Beräicher vun de Mënscherechter an dem Kampf géint d'Korruptioun informéieren.

D'Ëmsetzung vun dëser Direktiv 2014/95 ass complémentaire an an der Suite vum Gesetzestext iwwert den „country by country reporting“, dee mer d'lescht Joer hei an der Chamber am Dezember adoptéiert hunn. An deem Gesetz geet et ënner anerem drëm, Transparenz ze schafen, wa Gesellschafte Suen u Regierung bezuelen, fir an hire Länner natierlech Ressourcen exploitéieren ze kënnen, wéi Pétrol oder Gas oder wäertvoll Metaller zum Beispill, dat mam Zweck, fir d'Korruptioun a Matière-première-räiche Länner ze verhënneren.

Doduerch, dass d'Gesellschaften déi Montante verëffentleche mussen, entsteet Drock op d'Firmen, fir méi responsabel ze handelen. Dat ass och d'Zil vum Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen. Déi grouss Entreprises, déi Informatiounen iwwert den Impakt vun hire Geschäfte mussen ëffentlech maachen, gi mat deem heite Gesetz sensibiliséiert. Et erlaabt de Verbraucher, en connaissance de cause ze konsuméieren. Déi mannste Leit sinn haut nach bereet, Produkter ze kafe vun Entreprises, déi d'Ëmwelt oder d'Mëscherechter net respektéieren oder och nach hir Salarië schlecht bezuelen.

Dat nämlecht géllt och fir Investisseuren, déi net nëmmen nom Benefiss vun enger Firma kucken, mä och ethesch an nohalteg Considérations an de Vierdergrond stellen. Dee sougenannten „non-financial reporting“, ëm deen et hei geet, schaaft och eng Eegendynamik ënnert den Entreprises, fir hir sozial Responsabilitéit ze féerden.

Här President, ier ech lech den Text hei méi am Detail virstellen, wëll ech kuerz dat heiten ënnersträchen: An der aktueller Debatt an am aktuelle Kontext iwwert de Sënn vun der Europäescher Unioun, déi mam Brexit d'lescht Woch jo leider nees entlaamt ass, hu mer hei e Paradebeispill, wat déi Europäesch Unioun gutt mécht. Déi Obligatioun, fir wichteg Informatiounen, nieft de rengen Zuelen, ze publizéieren, wär schwierig, wann net souguer onméiglech gewiescht, eleng als Land duerchzusetzen, dat aus evidente Grënn vu Kompetitivitéit.

Ech wollt dat ënnersträchen, well ëmmer méi Leit sech d'Fro stellen, firwat Europa gutt ass. Eh bien, dat hei ass e ganz konkret Beispill, firwat Europa gutt ass!

Zënter dem Ufank 2000 gëtt et op europäeschem Plang, initiéiert vun der Europäescher Kommissioun, Efforten, fir grouss Firmen dozou ze motivéieren, dës zousätzlech Informatiounen ze publizéieren. Dat huet allerdéngs bis elo net esou gewierkt, wéi ee sech dat géif wënschen, well et ëmmer op fräiwëlleger Basis berout huet. Elo gëtt et obligatoresch.

Frankräich ass e Pionéier op dësem Gebitt an Europa. Schonn 2010 gouf am Kader vum „Grenelle de l'environnement“ d'Obligatioun fir d'Entreprises agefouert, fir ënner anerem iwwer hir Ëmweltpolitik ze informéieren. Et kann ee soen, dass d'EU-Kommissioun sech staark um Beispill vu Frankräich inspiréiert huet, fir dës Direktiv ze schreiwen.

Zu Lëtzebuerg goufen esou Informatiounen, wéi gesot, bis elo ëmmer nëmme fräiwëleg publizéiert. Dat hei markéiert also, wéi et richteg am Exposé des motifs och steet, d'Gebuertsstonn vum sougenannten „non-financial reporting“ am Lëtzeburger Recht.

Här President, ech kommen dann zum Text, dee ganz technesch ass, an dofir wëll ech mech op dëser Plaz op déi grouss Prinzipien am Gesetz limitéieren. D'Direktiv muss bis de 6. Dezember an d'nationaalt Recht ëmgasat ginn. Mir sinn also hei an der Zäit. Betraff vum Text si grouss Firmen, an deene méi wéi 500 Mataarbechter schaffen; Firmen, déi op der Bourse enregistreiert sinn; souwéi awer och Entreprises, déi en Intérêt public duerstellen, zum Beispill Banken, Assurancëgesellschaften. Grouss Gesellschaften aus dem Finanzsektor falen also och ënnert d'Obligatiounen an dësem Gesetz.

Während an der Europäescher Unioun ronn 6.000 Firma betraff si vun deenen neie Regeln, sinn et der zu Lëtzebuerg wahrscheinlech just e puer Dosen. Kleng Entreprises a PME sinn hei net betraff.

Allgemeng léisst d'Direktiv de betraffene Firmen eng Rei Fräiheeten, selwer ze bestëmmen, a wéi enger Form si déi netfinanziell Informatiounen publizéiere wëllen: Dat kann am Gestionsrapport oder an engem separaten Dokument sinn. Et ass de Firmen och iwwerlooss, wéi eng Guidelines se dofir benotzen. Dat heescht also, dass si international, europäesch

oder national Normen applizéieren däerfen, fir hiren Obligatiounen nozekommen. Dat kënnen zum Beispill déi si vun der OECD, déi vum Pacte mondial vun der UNO oder d'ISO 26000-Norm.

D'Direktiv obligéiert d'Firmen och net, dee Rapport vun engem externen Expert kontrolléieren ze loossen. E Réviseur muss awer certifiéieren, dass d'Entreprise de Rapport gemaach huet, ouni awer iwwert de Contenu ze jugéieren.

Här President, mir wäerten hei zu Lëtzebuerg d'Direktiv a minima ëmsetzen. Mir ginn also net méi wäit, wéi d'Direktiv et virschreift. Do mat komme mer de grouse Gesellschaften hei am Land entgéint, fir déi mat dësem Gesetz zousätzlech Käschte verbonne sinn.

Mir änneren dofir op där enger Säit d'Gesetz vun 2002 iwwert de Registre de commerce et des sociétés, mä och dat modifizéiert Gesetz vum 8. Dezember 1994 iwwert d'Kontabilitéit vun den Assurancen- a Reassurancëgesellschaften souwéi d'Gesetz iwwert d'Gesellschaftsrecht vun 1915.

Fir d'Éischt emol definéiert d'Gesetz, wéi eng Gesellschaftsforme betraff sinn. D'Entreprisë mussen d'intérêt public sinn a si musse während op d'mannst zwee Exercicer zwee vun dräi Krittären erfëllen: Entweder e Bilan vu méi wéi 17,5 Milliounen Euro hunn, e Chiffre d'affaires vun iwwer 35 Milliounen an op d'mannst 250 Salariéen. An da musse se um Enn vum Exercice méi wéi 500 Salariéen zielen.

Da schreift d'Gesetz vir, wéi eng Zort Informatiounen musse publizéiert ginn. An zwar mussen déi betraffe Firmen, wéi scho gesot, iwwer Ëmwelt-, Sozial- a Personalfroen informéieren, souwéi iwwer hir Politik am Beräich vum Respekt vun de Mëscherechter an dem Kampf géint d'Korruptioun.

Firmen, déi an engem Beräich keng Politik hunn, musse motivéieren, firwat dat esou ass, nom Prinzip „comply or explain“.

Am Rapport de gestion oder am separate Rapport mussen d'Resultater vun deenen eenzelne Politikberäicher analyséiert ginn. D'Entreprisë mussen d'Haaptrisike vun hiren Aktivitéiten an deene Beräicher identifizéieren a wéi se mat deene Risiken ëmginn. D'Firme sollen och iwwer hir Diversitéitspolitik informéieren an der Zesummstellung vun hire Gestionsorganen, zum Beispill matdeelen, wéi vill Fraen am Verwaltungsrot vun enger Gesellschaft setzen.

Nëmme wann dës Informatiounen Geschäftsverhandlungen, déi nach net ofgeschloss sinn, schuede kéinten, ass et den Entreprises erlaabt, d'Informatiounen ausnamsweis net ze publizéieren.

Eng weider Ausnam géllt fir Filialen, deenen hiert Mammenhaus d'Obligatiounen vum „non-financial reporting“ erfëllt.

D'Gesetz gesäit dann och Sanktiounen vir fir de Fall, wou d'Gesellschaft sech net un déi nei Informationspflicht halen. Hei kënnen Strofe vu bis zu 25.000 Euro ausgesprach ginn.

Här President, am Résumé: Déi sozial Responsabilitéit vun de Firma gëtt mat dëser Direktiv op europäeschem Plang gefërdert. Dovunner profitéieren, wéi scho gesot, d'Konsumenten, d'Bierger, d'Investisseuren, mä och d'Entreprisë selwer. Eng Entreprise, déi hir Responsabilitéit eescht hëlt, kann no bause Vertraue gewinnen an doduerch och méi kompetitiv ginn.

Entreprises, déi zum Beispill keng ëmweltfrëndlech Politik féieren, riskéieren ausgeschloss ze ginn aus ëffentlechen Ausschreiwungen. Mä virun allem riskéiere se, Clienten ze verléieren, fir déi d'Ëmwelt, déi sozial Komponenten, d'Mëscherechter an de Kampf géint d'Korruptioun wichteg sinn.

Dofir wäerte mir als LSAP-Fraktioun och dëse Gesetzesprojet stëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

► **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Et ass den Här Gloden.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sinn ech hei bei deem Falschen? Neen, dat kann net sinn.

Jo, entschëllegt, et ass den Här Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (*CSV*).- Merci, Här President. Fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass en technesche Projet, wéi oft an dëse Matière. A mir wäerten d'nächst Woch och nach eng Rei technesch Projeten hei an der Chamber stëmmen am Gesellschaftsrecht.

Et ass esou, et geet hei ëm d'Ethik vun de grouse Betriber. De Rapporteur ass drop



agaangen. Et ass wichteg, datt d'Betriber en général sech eng gewëssen Ethik ginn. Hei sinn elo déi grouss Betriber concernéiert an der Europäescher Unioun. Virum Brexit waren dat ongeféier 6.000 Betriber an hei zu Lëtzebuerg e puer Dosen.

Et ass och richteg gesot ginn, an ech mengen, dat ass jo och d'Politique générale vun dësem Land, datt mer d'Direktiv a minima transposéieren. Dat erlaabt hei de concernéierten Entreprises eng gewësse Flexibilitéit, ouni datt se sech awer hiren Obligatiounen kennen entzéien.

Wann een dat elo abstrakt kuckt, da mengt een, mer géifen hei eng Charge administrative supplémentaire de Betriber operleeën. Et muss een awer wëssen, an der Praxis, datt eng ganz Rei Betriber dat maachen, an och schonn eng ganz Rei kleng Betriber.

Am Serviceberäich haut, wann Der wëllt bei engem Appel d'offres matmaachen, Clientë gewannen, musst Der haut scho praktesch an Ärem Prospekt, fir Clienten unnezéien, soen, wéi Der sozial virgitt, wéi Der Point de vue Emweltpolitik virgitt, wat der pro bono maacht. Dat heescht, dat ass am Fong haut schonn a ganz ville Businesspläng vun de Entreprises dran. An duerfir ass dat elo net direkt eng grouss Erneuerung an och keng gréisser Charge supplémentaire, well d'Betriber, vill Betriber dat schonn an hire Genen hunn.

Duerfir nach eng Kéier Merci dem Rapporteur, an d'CSV gëtt hiren Accord zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. D'Madamm Beissel huet d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt virop och dem Rapporteur Franz Fayot Merci soe fir säin exzellente Rapport an där dach ganz technescher a schwiereger Matière. D'Direktiv ass scho schwiereng an dann ass et normalerweis esou, dass de Projet de loi, deem drop fousst, och schwiereng ass.

Dee Projet de loi geet fir eis an déi richteg Richtung. Et geet drëm, fir dass déi grouss Entreprisë méi responsabel handelen an och Transparenz aféieren an hir Manière d'agir. Dat ass déi eng Säit.

Op där anerer Säit, wat och gutt ass, well mir wëlle jo awer trotzdem ëmmer kucken, dass d'Entreprisë Fräiraum hunn, gëtt déi Direktiv a minima, dat heescht eent zu eent ëmgesat, fir dass se déi néideg Loft hunn, ze agéieren. Et sinn Entreprisë vun Intérêt public. An ech mengen, dee Moment bréinge mer et fäerdeg, fir déi zwou Komponenten - déi eng Säit Transparenz a Responsabilisatioun an déi aner Säit awer trotzdem, dass mer se net anengen -, hei an dësem Projet de loi ze kombinéieren. Dat geet an déi gutt Richtung an dofir bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Beissel. D'Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem Rapporteur Franz Fayot e grouss Merci fir seng ausféierlech Erklärungen an dësem Dossier.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet den Här Roy Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Och d'ADR wäert dësen Text matstëmmen. Hu mer e Choix? Neen. Et ass eng Direktiv, si muss ëmgesat ginn. Mir hu kee Choix. Si gëtt a minima ëmgesat. Freet dat eis? Jo, dat freet eis.

Et sinn nëmmen déi Entreprisë beträff, déi d'Intérêt public si laut der Definition vun der Direktiv 2013/34, dat heescht, vun deenen eppes méi wéi 76 Entreprises hei am Land, déi méi wéi 500 Leit hunn, wäerte schlussendlech nëmmen zwou Dosen, eppes Klenges méi wéi zwou Dosen heirënner falen. Dat ass gutt esou. Dat verhënnert, datt aner Entreprises, kleng a mëttelstännesch Betriber missten eppes maachen, wat an hirem „day-to-day business“ keng Roll géif spillen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här David Wagner huet d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur natierlech Merci soen, mä awer och ausnamswies dem Här Reding Merci soen, well deem huet schonn den Ufank vun der Erklärung ginn, firwat mir als déi Lénk dës Gesetzesprojet net wäerte matstëmmen, well mer soen - grad wéi d'Chambre des Salariés, déi jo och dee Gesetzesprojet zerrass huet -, datt et wierklech

guer net an déi Richtung geet, wéi dat esou presentéiert gouf.

Mir wëssen, datt Entreprises net an engem eidele Raum handelen an datt hir Aktivitéiten eng Auswirkung op d'Gesellschaft hunn. An enger besserer Welt géif d'Politik den Entreprisë vorschreien, datt hir Aktivitéiten, c'est la moindre des choses, keen negativen Impakt op d'Ëmwelt, op d'Mënscherechter an op d'Salariéen dierften hunn.

Mä mir liewen eben an enger Gesellschaft, wou d'Profittmaximéierung de Virrang huet, an net de Mënsch an och net d'Ëmwelt. Dofir gi se dann och net gezwongen, hir Responsabilité sociale et environnementale wouerzehuelen, mä just frëndlech gebieden, emol vläicht eng Kéier doriwwer nozedenken. An elo, als bescheidene Schratt no vir, gi verschidde Firme gebieden, hir fräiwëlleg Gedanken zu deem Thema ze verëffentlechen.

Déi europäesch Direktiv, déi mer haut transposéieren, gesäit nämlech vir, datt grouss Entreprises, Banken an Assurancen an engem Joresrapport Informatiounen zu hirer gesellschaftlecher Responsabilitéit solle publizéieren, wéi dat gesot gouf. Et geet ëm Informatiounen iwwer hiren Emweltpakt, iwwer hir sozial Responsabilitéit, iwwer hir Strategie bei der Korruptiionsbekämpfung, bei de Mëscherechter, bei der Diversifikatioun vun hirem Conseil d'administration an esou weider, also keng Lappalien, Informatiounen also, déi et der Effentlechkeet a virun allem och de Salariéë sollen erlaben, ze iwwerpräiwen, wéi esocht et d'Entreprise mat hirer gesellschaftlecher Verantwortung mengt.

Dat klénkt jo den éischte Moment dann och ganz fortschrëttlech. Mä wéi esou oft huet d'Europäesch Unioun hei eng Approche souple et non intrusive gewielt, wéi et am Exposé des motifs heescht. Et dierf ee jo net ze vill vun den Entreprisë verlaangen. Et ass e Paradebeispill, wéi hallefhäerzeg justement d'Europäesch Unioun virgeet. An et ass e Paradebeispill, wéi, souguer wann d'Europäesch Unioun, hallefhäerzeg zwar, mä awer trotzdem versicht, e Fortschrëtt ze maachen, wéi dann national Regierungen dat u sech sabordéieren.

Wann een dee Projet de loi och am Detail kuckt, bleift net méi vill iwwer vun der fortschrëttlecher Iddi. Et gouf scho gesot: Éischtens betrëfft dat just eng begrenzten Zuel vu Firmen, dat heescht déi, déi méi wéi 500 Mataarbechter hunn an e Chiffre d'affaires vun iwwer 35 Milliounen Euro, mä och nach gëtt deenen Entreprises eng grouss Fräiheet gelooss, wéi déi Deklaratioun soll iwwerhaupt ausgesinn. Si solle just hir Strategie an deem Beräich erklären, souwéi d'Resultater an d'Risiko vun där Strategie. Déi Onverbindlechkeet gëtt och nach domadder verstärkt, datt déi Rapporte kenger externer Kontroll ënnerleien.

An drëttens gëtt et hinne liicht gemaach, iwwerhaupt derlaanschtzekommen. Wa se zum Beispill keng Strategie a Saache Responsabilité sociale hunn, da brauche se just eng motivéiert Explikatioun ze ginn, firwat datt se keng hunn. A wa se der Meenung sinn, datt d'Publikatioun vun Informatiounen hire kommerziellen Interesse kéint schueden, da si se vun der Obligatioun entbonnen.

An ech mengen, mir sinn eis awer hei eens jiddwereen, datt heiansdo Human- oder Ëmweltinteressen a Konflikt gerode mat kommerziellen Interessen. Ech weess net, ob mer eis ëmmer eens sinn doriwwer, wat priméiere soll. Am Endeffekt geet et hei also just dorëms, datt déi betraffe Firmen u sech e PR-Bericht erausginn, mat deem se sech kennen, vläicht deemno wéi, souguer an e gutt Licht stellen, wat vu kengem kontrolléiert gëtt.

Et ass, wann iwwerhaupt, souwisou nëmmen e minimale Schratt no vir, mä am Fong geholl kee richtegen.

Mä glécklecherweis dierfen d'Memberlänner u sech d'Direktiv och méi restriktiv interpretéieren a méi streng Regelen aféieren, wéi dat virgesinn ass. Lëtzebuerg ass an där Matière souwisou Schlusslicht an Europa. An et hätt ee kennen hoffen, datt d'Regierung déi Geleeenheet notzt, fir an deem Beräich endlech emol eppes ze maachen, oder vläicht souguer ze innovéieren, esou eng Aart Nation Branding ze maachen, zemoos wou se och an hirem Regierungsprogramm vun der Responsabilité sociale des entreprises schwätzt. Awer nëmme schwätzt! A Frankräich oder an der Belsch zum Beispill sinn d'Entreprisë jo scho säit Laangem obligéiert, Rapporten iwwer hir sozial an ekologisch Responsabilitéit ze publizéieren.

Ech mengen, dat ass eng Ëmsetzung a minima vun enger Direktiv, déi souwisou och guer net esou wäit geet, wéi dat esou duergestallt gouf. An ech stelle mer d'Fro: Wat fir eng Entreprise huet eppes ze verheemlechen a soziale Froen, am Traitement vun hire Salariéen, am Traitement vun der Ëmwelt, an hirer Relatioun zu Mëscherechter no bausen? Firwat muss dat esou souple duergestallt ginn?

Ech ginn dovunner aus, datt mer hei zu Lëtzebuerg nach wahrscheinlech vill Entreprises hunn, déi dat net respektéieren. An ech weess, datt dat och souguer de Fall ass. An do brauch een och net bei Multie kucken ze goen. Zum Beispill am Bau ass dat jo och de Fall, oder am Commerce, am Handel ass dat de Fall.

Aus all deenen Ursachen a genausou wéi d'Chambre des Salariés wäerte mir géint dëse Projet de loi stëmmen, well et u sech just e Projet de loi ass, dee vum Tartuffe hätt kënne geschriwwen ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen ukomm. An d'Wuert huet de Justizminister, den Här Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Da mécht och dës Fortschrëtt zu Lëtzebuerg sech ouni déi Lénk. Dat ass net nei. Déi perfekt Welt, déi léisst sech och net veruerdnen, Här Wagner. Déi mécht sech duerch eng Weiderentwécklung, eng permanent Weiderentwécklung vun der Aart a Weis, wéi mer zu Lëtzebuerg zesummeliewen. Déi mécht sech duerch legal Incitatiounen, awer och duerch Leit, déi Verantwortung iwwerhuelen, well d'Bierger an och d'Betriber an och d'Patrone sinn dozou fäeg. An dat ass net nei. Si weisen et.

Net nëmmen zu Lëtzebuerg, och an Europa ass et net nei, dass et Leit gëtt, déi fir sech an hire Betrib méi wëlle si wéi nëmme schwaarz oder rout Nullen, déi eng aner Responsabilitéit och haut schonn iwwerholl hunn, déi dës Direktiv net gebraucht hunn, déi dës Gesetz net gebraucht hunn.

Et gesäit een awer och, dass d'Selbstverpflichtung eleng net duergeet, well et der gëtt, déi sech deem dann entzéien. An dofir brauch een och, nieft der Responsabilitéit vu ville Privatleit a vu ville Privatbetriber, brauch een awer och mat Momenter e legislative Push, fir dass Saache kënne virgoen.

Déi, déi natierlech dee gréissten Impakt hunn duerch hiert Wirtschaften, sinn och déi, déi duerch d'Direktiv an duerch d'Gesetz viséiert sinn: Dat sinn déi grouss Betriber. Dat ass net, well déi kleng Betriber näischt mat sozialer Verantwortung oder Transparenz oder Lutte géint d'Korruptioun oder dem Respekt vu Mëscherechter oder dem Ëmweltschutz wëllen ze dinn hunn, wéi Dir et duergestallt hutt.

Mä et huet domat ze dinn, datt et déi grouss Betriber sinn, déi an hirem Wirtschaften op all deenen dote Punkten dee gréissten Impakt hunn, soudass et also richteg ass, do unzefänken, legislativ ze drécken, wou och dee gréisste potenziellen Impakt ze erwaarden ass. Dat ass eng ganz pragmatesch Approche, eng Approche, déi awer der Responsabilitéit dovunner Rechnung dréit.

Wa gesot gëtt, d'Direktiv gëtt a minima ëmgesat, dann heescht dat net, dass d'Direktiv knapps nëmme géif ëmgesat ginn. Dat heescht, dass d'Direktiv voll a ganz ëmgesat gëtt, mä dass mer drop verzichten, fir iwwert d'Direktiv eraus nach substanzuell Schrëtt haut schonn op reng nationaler, legislativer Basis ze schafen. Ech mengen, dat ass eng verstänneg Approche. Et kann een ëmmer wëllen de Maximum maachen. Mä ech sinn ausdrécklech frou doriwwer, dass mer déi Direktiv haut a Lëtzeburger Recht kennen ëmsetzen. Dat ass e ganz grouss Fortschrëtt, deen do gemaach gëtt.

Mir bewegen eis och do op engem Wee, deen eng Eegendynamik wäert hunn. Et ass net esou, dass nëmmen dat, wat am Gesetz oder an der Direktiv steet, och da wäert geschéien! Do ënnerschätzt Der erëm eng Kéier d'Verantwortungsbewusstsein vu ville Betriber, vu ville Privatleit, déi an deene Betriber schaffen, déi an deene Betriber Patron sinn an déi bereet sinn, déi Dynamik, déi heiduerch ausgeléist gëtt, ze begleeten.

Mir wäerten also, wa mer iergendwann eng Kéier an e puer Joer e Bilan maachen, feststellen, dass et nieft deenen, déi vu Gesetzeswegen ugehale sinn, dat heite formell ze respektéieren, vill anerer gëtt, haut schonn - an där wäerten der derbäikommen -, déi op enger fräiwëlleger Basis sech hirer Responsabilitéit stellen, well se verstanen hunn, dass d'Performance vun engem Betrib sech net nëmme moosse léisst um Chiffre d'affaires oder um Nettoresultat, wat se um Enn vum Joer maachen, mä d'Performance vun engem Betrib ass och, wéi dee Chiffre d'affaires zustane kënnt, wéi dee Bilan gemaach gëtt.

An iwwregens hunn haut scho vill kleng a besonnesch och Mëttelbetriber, wa se e Finanzmentbedarf hunn a bei d'Bank ginn, déi, déi haut schonn dohinne mat engem Projet fir e Betrib, deen net nëmmen e Schema huet, wéi se sech reng wirtschaftlech wëllen entwéckelen,

mä dee grad op deenen dote Punkten och schonn ausweist, wéi dee Betrib sech seng Zukunft virstellt, wéi dee Betrib sech seng Plaz an der Gesellschaft virstellt, déi hunn an aller Regel besser Kaarten, déi Finanzementer ze kréien, ganz einfach, well d'Banquiere bei deenen erkennen, dass dat Betriber sinn, déi wierklech no vir kucken, op all den Aspekter no vir kucken, op all den Aspekter bereet sinn, Verantwortung ze iwwerhuelen. An dat ass fir déi, déi déi wirtschaftlech Entwécklung vun de Betriber solle finanzéieren, e positive Punkt. Vill Betriber hunn dat scho verstanen ouni Direktiv, ouni dës Gesetz.

An ech si frou, dass mer haut eng ganz breet Majoritéit hunn. Ech bedauern et wierklech, dass déi, déi sech de Fändel net voll genuch kënne schreiwe mat Fortschrëtt, esou Rendez-vous verpassen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Justizminister. A mer si prett fir...

(Interruption par M. David Wagner)

Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, ech mengen, mir liewen net an darselwechter Welt, den Här Braz a mir, dës Regierung a mir, definitiv. An ech sinn och frou doriwwer, well ech géif dem Här Braz vläicht och vorschloen, mat Gewerkschaftler oder einfach mat Salariéen emol ze schwätzen, fir ze wëssen, wéi dat ëmmer esou geet mat der Responsabilité sociale vun Entreprises.

Mir wëlle guer net ënnerstellen, datt et Entreprisë gëtt, déi Pusch maachen, datt all Entreprise egal wat mécht, bäi Wäitem net! Bäi Wäitem net! Mä mir hunn hei zu Lëtzebuerg net fir näischt zum Beispill eng Inspection du travail et des mines! Firwat gouf déi agefouert? Mä well ee Kontrolle brauch! An ech hunn den Androck, datt den Här Justizminister dovunner ausgeet, datt d'Entreprisë sech am beschte selwer kontrolléieren.

All déi Entreprises, déi zum Beispill um Bau sinn, déi hu quasi all u sech manner wéi 500 Salariéen. Déi fale guer net drënner! Sollen déi net kontrolléiert ginn op hiren environnementalen Impakt an haaptsächlech op hire sozialen Impakt? Ma da schwätzt mat de betraffene Leit am OGB-L! Ech ginn lech Adressen, déi si ganz bereet, lech dat ze erklären. An der Chambre des Salariés och. Mä mat deene Leit schwätzt Der ganz seelen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Justizminister nach eng Kéier an da schléisst mer of.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech hunn lech geäntwert, mä Dir hutt mir net geäntwert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay. Gutt, da si mer prett, fir iwwert de Projet 6868 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6868 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58 Stëmme fir de Projet, 2 dergéint. Domat ass de Projet 6868 akzeptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.



Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6928 iwwert d'Reorganisatioun vum Conseil supérieur vum der Sécurité sociale. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

6. 6928 - Projet de loi portant réorganisation du Conseil supérieur de la sécurité sociale et modification:

- du Code de la sécurité sociale;

- de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale;

- de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

Rapport de la Commission juridique

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir lech dee Rapport hei mëndlech virzestelle ronderëm déi Reform, eng kleng Reform vum Conseil supérieur vum der Sécurité sociale, eng Reform, déi sech awer aschreift, mengen ech, a méi wäit Iwwerleeungen, déi mer zesumme mat der Regierung wäerte féieren an deenen nächste Méint ronderëm eng Reorganisatioun vum eiseem Justizwiesen, wou jo och d'Regierung en Opdrag ginn huet fir e Rapport iwwert d'méiglech Reform vun deem Justizwiesen, wou et drëm geet, dass mer eis Justiz méi fit maache fir eng Rei vun Aufgaben. An des Reform schreift sech relativ gutt an an déi doten Aarbecht, déi mer an nächster Zäit wëllen hei zesumme maachen.

Et ass e Punkt, deen an der Regierungserklärung drasteet, fir eben d'Organisatioun an d'Prozedur virun de Sozialgerichter hei ze moderniséieren. Dat geschitt och an deem heite Fall, nodeem d'Regierung och breet consultéiert huet, soudass mer et hei mat engem Text schlussendlech ze dinn hunn, dee méiheetlech positiv gekuckt gëtt vun deenen eenzelnen Organer, sief dat d'Chambres professionnelles, sief dat eenzel Juridictionen, déi Avisen zu deem heiten Text eraginn hunn.

Ëm wat geet et? Et geet drëm, dass mer eigentlech déi zweet Instanz, zweet Gerichtsinstanz, dat ass de Conseil supérieur de la sécurité sociale, d'Appellinstanz am Beräich vun der Sécurité sociale, dass mer déi reforméieren an deem Sënn, dass mer aus där Appellinstanz eng permanent Institutioun maachen.

Si behält awer hir Particularitéiten. Et ass eng Jurisdiction spéciale am Sënn vun eiser Verfassung. Si bleift an hirer Zesummesetzung eigentlech speziell, an deem Sënn, dass se aus dräi professionelle Magistrate sech zesummesetzt, mä awer och all Kiéiers da complétiert gëtt duerch en Assesseeur vun der Assurésäit an en Assesseeur vun der Patronatssäit. Dat ass eng Particularitéit an eiseem Sozialrecht. Dat besteet souwuel an éischter Instanz, beim Conseil arbitral vun der Assurance sociale, an dat gëtt och bäibehalen hei an zweeter Instanz beim Conseil supérieur vum der Sécurité sociale.

Dësen Text geet net esou wäit, wéi emol en Avant-projet gaangen ass vun enger viregter Regierung. D'Chambre des Fonctionnaires bedauert dat. Déi aner begreissen dat, dass dësen Text net esou wäit geet, wéi eng viregt Regierung emol wëlles hat. Déi hat wëlles, eigentlech dat Ganzt ze integréieren an eis Cour d'appel an am Fong d'Assesseeurs och falen ze loosse, also just nach mat professionelle Riichter ze fueren.

An deem heite ware mer eis alleguerten och an der Kommissioun eens, dass ee sollt déi Plus-value, déi dora besteet, dass Leit vu baussen erakommen, déi also d'Situatioun, d'Matière vum Terrain aus kennen, dass mer déi bäibehalen, also eng Mëschkompositioun behalen an der éischter Instanz wéi an der zweeter Instanz, wat eis Juridictionen am Beräich vun der Sécurité sociale ugeet.

Wat allerdéngs ännert, dat ass de Mode de désignation vun de Memberen, besonnesch vun

de Riichter. Déi ginn elo eigentlech net méi vum zoustänneg Minister respektiv vum Grand-Duc direkt genannt, mä déi gi gewielt vun der Assemblée plénière vun der Cour supérieure de justice. Dat gëtt deem Ganzen och déi néideg Apparencé vun Onofhängegkeet an Impartialitéit no baussen, wat, mengen ech, wichteg ass, fir och onufechtbar Décisiounen kënnen ze huelen.

Wat besonnesch ännert, ass, wéi gesot, dass dat net elo Riichtere sinn, wéi dat haut de Fall ass, déi dat do, déi nieft enger anerer Tâche déi doten Tâche maachen. Déi dote wäerten zumindest fir eng Rei vu Joren ausschliesslech an herno vläicht haaptsächlech als Riichter an deem Conseil supérieur de la sécurité sociale setzen an uerteelen.

Et ass eng Gerichtsinstanz, déi hir Wichtigkeet huet, déi och Wichtigkeet huet net nëmme vun der Matière hier, mä awer och vun den Zuele vun den Affären, déi se ze tranchéieren huet. Vlächte hei aus engem leschte Rapport d'activité, dat sinn elo d'Zuele vun 2014, do gesäit een, dass an der zweeter Instanz, also vum Conseil supérieur de la sécurité sociale, an deem Joer 2014 229 Appellen eragaange sinn, also Berufungsverfahren engagéiert gi sinn, déi dozou gefouert hunn, dass zu dräi Véierel d'Éischt-Instanz-Uerteeler confirméiert gi sinn, awer ëmmerhin e Véierel, also all véiert Éischt-Instanz-Uerteel ass eigentlech reforméiert ginn an zweeter Instanz, wat also awer d'Noutwendegkeet vun enger zweeter Instanz nach eng Kéier vlächte ënnerträchte, och an där heiter Matière. Den „double degré de juridiction“ ass schonn eppes Wichteges.

Et muss een allerdéngs och feststellen, dass an deem Joer 2014 223 Uerteeler gesprach si ginn, Arrête geholl si gi vum Conseil supérieur de la sécurité sociale an dass awer nach Dosieren en suspens bleiwen Enn 2014: 260. Dat heescht, dass e praktesch ee Joer, kann ee soen, wann een d'Zuele vun den Affäre kuckt, gutt ee Joer hannendran ass mat den Affären! Dat sinn awer dann Délaien an enger Matière - Sécurité sociale -, wou et awer oft net geet, fir jorelaang ze verléieren. Dat sinn Délaien, déi relativ héich sinn; e Phenomeen, dee mer och an anere Gerichtsinstanze kennen.

An duerfir ka sécherlech déi Reform hei derzou bäidroen, dass dee Résidu vun Affären, dee besteet, lues a lues kann opgeschafft ginn, an dass mer also do och zu enger Verkierzung vun de Gerichtsdelaien wäerte kommen an där Appellinstanz an der Sécurité sociale.

D'Regierung huet och nach an hirem Programm virgesi gehat, dass soll e Référé agefouert gi virun de Juridictionen en matière de sécurité sociale. Et ass eng vun deene rare Matière, wou mer eigentlech kee Schnellgerichtsverfahren hunn. Dat ass net normal, obwuel et awer sécherlech hei och Affäre gëtt, wou et wichteg wär, schnell eng Décisioun ze kréien.

An duerfir géife mer och hei iwwer eise Rapport d'Regierung nach eng Kéier bieten, och do nozeschéissen an eng Reform och an d'Wee ze leeden, wou eben esou e Référé-Verfahren och géif an éischer an an zweeter Instanz virun d'Juridictionen vun der Sécurité sociale an eis Gesetzgebung agefouert ginn.

Wat bäibehale bleift, dat ass déi vereinfacht Prozedur, wéi mer se kennen an éischer an an zweeter Instanz bei der Cour supérieure. Dat heescht, et ass am Prinzip eng mëndlech Prozedur, et ass am Prinzip eng Prozedur, wou d'Leit och selwer kënnen erschéngen. Also si brauchen net assistéiert ze si vun engem Affekot. Si kënnen sech och méi wéi an aneren Instanzen vertrieede loosse duerch anerer, sief et duerch Vertrieeder vun de Gewerkschaften, sief et vun de Beruffsorganisatiounen kënnen se sech vertrieede loosse.

Si kënnen sech och - an dat ass nei, et ass Deel vun dëser Reform - an Zukunft vertrieede loosse duerch Membere vun hirer Famill, an zwar geet dat bis den drëtten Grad par parenté an/oder par alliance. Also och an direkter Linn wéi a kollateraler Linn kënnen se sech vertrieede loosse, och vun hirem Partner respektiv vun hirem Ehemann oder Ehefrau. Dat ass also eng Ouverture, déi zousätzlech hei gemaach gëtt, wat sécherlech ze begreissen ass, dass also hei probéiert gëtt, fir d'Vertrieedungsméiglechkeet op e Maximum praktesch auszedeeenen. Dat ass u sech e positive Punkt vun dëser Reform.

Reform, déi och dozou wäert féieren, dass dräi zousätzlech Poste vu Magistraten an der Cour d'appel hei virgesi sinn, fir eben och kënnen dann déi nei Juridiction an hirer neier permanenter Kompositioun schnell dann anzesetzen.

Ech mengen, dat wäeren déi wesentlech Punkten, déi ech hei gesot hunn. D'Avise sinn, ausser deem vun der Chambre des Fonctionnaires, positiv zu deem Ganzen. An der Kommissioun ware mer eis och eigentlech eens, dass dat heiten eng Reform ass, déi an déi richteg Richtung geet.

An duerfir géif ech dann am Numm vun der Kommissioun bieten, hei deen heiten Text esou ze stëmmen, wéi e virgeschloen ass. An ech wäert och dann am Numm vun der LSAP-Fraktioun den Accord vu menger Fraktioun hei eraginn.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Bodry. An d'Wuert huet elo den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur, dem Alex „Boodry“, villmools Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Well den Här „Boodry“...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat ass Limitt, dat do!

(Interruptions et hilarité)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Neen, neen, neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, mä en ass ni zefridden!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Den Här „Bodry“...

(Hilarité générale)

Dann ass et elo den Här „Bodry“. Den Här Bodry war schonn 1989 am März Rapporteur iwwregens vun der Base légale, der verfassungsrechtlicher Base légale, nämlech dem Artikel 94 (2), deen iwwerhaupt dat hei Gesetz eigentlech méiglech mécht. A si hunn an der Fraktioun nogekuckt: Deen eenzege Member, deen haut nach hei ass, dat war sengerzäit och d'Madamm Brasseur, déi Member vun der Institutiounskommissioun war. Also...

(Interruptions)

...si huet och derzou bäigedroen, dass mer haut kënnen iwwert dëse Gesetzesprojet schwätzen.

Ech mengen, praktesch huet de Rapporteur et gesot: Et ass keen technesche Projet, mä et ass e Projet, deen awer eng praktesch Implikatioun huet. Déi iewescht Instanz vun de Sozialgerichter bleift eng Jurisdiction spéciale, mä si gëtt awer besat vun dräi professionelle Conseillere vun der Cour supérieure de justice, déi dann och, si, d'Designatioun mécht, fir déi Aufgabe ze erfüllen.

D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen. Firwat? Och déi fréier Justizministesch hat d'Reorganisatioun vun dem Conseil supérieur vum der Sécurité sociale an d'Wee geleet, 2013 am Mee. Et hat zwar eng aner Ausrichtung, mä de Sënn an Zweck vun der Reorganisatioun war awer deeselwechten, nämlech, dass de Contentieux kéint ofgebaut ginn. Mat deenen dräi Riichtere wäert dat sécher mëttelfristeg de Fall kënnen sinn.

Et huet awer en anere Virdeel, nämlech deen, dass mer mat dräi professionelle Riichter vum der Cour supérieure de justice och warscheinlech eng eenheetlech Jurisprudenz wäerte fannen, wat och am Sënn vun dem Justiciabel ass.

An deem Sënn fuerdert d'CSV, dat hate mer schonn och virun ugedeit, dass mer nämlech wëllen, dass déi Jurisprudenz, dat heescht déi Rechtsprechung, déi vun dem Conseil supérieur vun der Sécurité sociale gesprach gëtt, dass déi an enger banalisierter, dat heescht enger anonymisierter Form dem Bierger zougänglech gemaach gëtt iwwert de Wee, dass se op dem Internetsite publizéiert gëtt, äänlech wéi dat op de Verwaltungsgerichter ass. Dat ass nämlech eng komplizéiert Matière, well net nëmme déi intern Legislatioun matpillt, mä och international Traitéen.

A besonnesch aus deem Grond, well net nëmme d'Affekoten oder d'Syndikater, mä d'Leit selwer kënnen op déi Gerichtsinstanz goe respektiv sech kënnen vun noe Familljemembere representéieren oder assistéieren loosse. D'Publikatioun vun den Uerteeler op dem Internetsite ass och eng gewëssen Égalité des armes, well hei de Bierger jo eigentlech e Recours géint d'Verwaltung mécht. An dann ass et och wichteg, dass de Bierger déi Jurisprudenz kennt. An e weess och am Virfeld, wann en e Recours mécht, wat d'Rechtsprechung ass, soudass e weess, op wat e sech aléisst.

D'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt och déi Propos, déi gemaach gouf vun der Chambre des Salariés, nämlech fir den Assesseeur eng Formation ze ginn oder eng Formation continue an deem Domän. A mir géifen et net als e Crime de lèse-majesté ugesinn, wann och déi Riichter, déi géifen dohinnegeen, eng äänlech Formation kéinten dispenséiert kréien. Dat gouf et och schonn an aneren Domänen. Ech ka mech erënneren, sengerzäit, wéi d'Verwaltungsgerichter agefouert gi sinn an déi de Contentieux vun de Steieren iwwerholl hunn,

du kruten och d'Riichtere regelméisseg do Formation um Niveau vun de Steiersaachen.

Dann ass nach eppes, wat net gesot gouf, wat d'CSV-Fraktioun awer ënnerstëtzt, dat ass, dass och zousätzlech mat dësem Gesetzesprojet e Posten um Parquet geschafe gëtt, nämlech dee fir de sougenannte Système de contrôle et de sanction automatisés ze begleeten. Ëm wat geet et do? Mä dat si ganz einfach d'Radarsanktiounen. Ob et do mat engem Mann oder enger Fra zousätzlech um Parquet duergeset, bei deene villen Infraktiounen, dat sief dohinnegestallt. Dat muss d'Praxis dann erweisen.

Här Justizminister, wann nach sollt en zousätzlech Posten och da fir déi dote Saach um Parquet erfuerdert sinn, da wäert d'CSV deem net am Wee stoen. An duerfir gi mir lech och haut schonns d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Roth. An da ginn ech dovun aus, dass d'Madamm Lorsché den Accord bréngt.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Ech ginn och den Accord am Numm vun der grénger Fraktioun a soen dem Här „Boodry“ villmools Merci fir säi gudde Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah, et huet gewierkt! Dann d'Madamm Simone Beissel.

(Interruptions par M. Alex Bodry et Mme Josée Lorsché)

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Merci, Här President. Hei och mäin hærzleche Merci un de Rapporteur Alex Bodry fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech si ganz frou, dass mer mat dësem Projet de loi eent vun de Versprechen aléisen, wat mer am Koalitionsaccord stoen hunn, dat heescht, d'Reorganisatioun vun dem Fonctionnement an der Prozedur vum Conseil supérieur vum der Sécurité sociale.

An ech kann lech soen, an dat ass och bei menge Virriedner schonn erausgeklungen, dass déi Reorganisatioun vun dësem Spezialgericht net vu Muttwëll ass, ech géif souguer soen, absolutt néideg ass!

Et ass u sech normal, dass e Spezialgericht, wat net de façon permanente taagt, wat och net mat fest affektéierte Riichtere funktionéiert a wat ëmmer méi ënner enger riseger Zuel, praktesch enger exponentiell wuessender Zuel vun Affäre leit, déi extrem komplex sinn, well se jo dann och an zweeter Instanz an Appell sinn, dass dat net méi esou Notioune wéi en Délai raisonnable kann an de leschte Joren erfüllen.

Dofir, ech mengen, mir maache béide Parteien, déi hei betrafft sinn, e Plesier mat dëser Reform, engersäits de Juridictionen, déi elo de façon permanente kënnen funktionéieren, mat spezialiséierte Riichter, déi andauernd tagen an dee Moment sech kënnen voll op déi extrem komplizéiert Dossiere konzentréieren; op där anerer Säit och de Parteien, déi virun déi spezialiséiert Membere kommen, a wou och héchstwahrscheinlech d'Chance grouss ass, dass d'Délaien, wéi déi Affären iwwert d'Bün ginn, radikal kënnen verkierzt ginn.

Zur Prozedur ass et begrëssenswäert, dass d'Procédure orale, dat heescht sommaire, déi einfach Prozedur bäibehale gëtt. Et gëtt jo och eng Extensioun gemaach, net nëmme fir, bon, d'Affekote kënnen jo de toute façon ëmmer kommen, mä och d'Mandatairé vun de Gewerkschaften. An, wat da ganz gutt ass, d'Membere vun der Famill kënnen selwer déijéine Leit vertrieeden, déi do hir Rechter wëlle geltend maachen. De Ministère d'avocat ass also keng Obligatioun, nëmme eng Fakultéit. Dat ass alles gutt. Et ass eng Demokratisatioun vun deem ganze System.

Ech wollt awer an deem Kontext och nach ganz kuerz dat ënnerstëtzen, wat den Alex Bodry gesot huet. Ech mengen, mir maache stéckesweis Reformen an dem Secteur vun der Justice, mä et wär awer trotzdem ubruecht, dass mer eng Kéier en Débat de fond iwwer méi eng performant Justiz hei géife féieren, well et héiert een awer vill Pläinten dobause vun de Leit. Net dass mer keng kompetent Riichter hätten, net dass mer keng fläisseg Riichter hätten, mä d'Zuel vun den Affären ass esou gewuess, dass den Délai raisonnable ëmmer méi eng Utopie gëtt. An e Land, wat eng ganz lues Justiz huet, huet e schlechte Label als Rechtsstat. Dofir wär et vlächte wichteg, mir géifen eng Kéier dorüwer diskutéieren, fir dat generell ze verbessern.

Dat gesot, bréngen ech awer zu dësem Projet de loi den Accord vun der DP-Fraktioun a soen lech Merci.